# CIRCULAR CITY



Maja Djolic, Aleksandra Vucinic,
Natasa Atanasova and Guenter Langergraber

Book title: Circular City
Authors: Maja B. Đolić and Aleksandra Vučinić, Nataša Atanasova and Günter Langergraber
Translated into Luxembourgish by: Patty Koppes and Ariane Bouvy, Circular Innovation Hub, Wiltz, Luxemburg
Illustrations: Ana Popović (Inst@ananana_14, @ananana_design)
Illustration of Cover page: Tea Nikolić (Inst@prismriver_)
©Circular City COST Action CA17133
Grant Holder Institution:
Universität für Bodenkultur Wien (BOKU)
Department of Water, Atmosphere and Environment
Institute of Sanitary Engineering and Water Pollution Control
Muthgasse 18, 1190 Vienna, Austria

Chair of the Action:
Dr. Guenter Langergraber
Head, Department of Water, Atmosphere and Environment
guenter.langergraber@boku.ac.at
Co-Chair of the Action:
Dr. Nataša Atanasova
University of Ljubljana, Faculty of Civil and Geodetic Engineering
natasa.atanasova@fgg.uni-lj.si
Reuse is authorized provided the source is acknowledged. It can be used for educational purposes for the appropriate reference.

This publication is based upon work from COST Action CA 17133 "Implementing nature based solutions for creating a resourceful circular city (Circular City Re.Solution)" supported by COST (European Cooperation in Science and Technology).

COST (European Cooperation in Science and Technology) is a funding agency for research and innovation networks. Our actions help connect research and initiatives across Europe and enable scientists to grow their ideas by sharing them with their peers. This boosts their research, career and innovation.

www.cost.eu

EUROPEAN COOPERATION IN SCIENCE & TECHNOLOGY

Funded by the European Union

COST Action CA17133

Circular City
circular-city.eu

Grant Holder Institution:

BOKU

# E SCHÉINE SONNEGEN DAG

Op hirem Heemwee tréppelen d'Anna an de Luka d'Strooss erof. Si si gutt gelaunt an erzielen vun deem, wat si an der Schoul erlieft hunn. Si genéissen d'Plätscheren vun der Baach nieft hirem Wee a freeën sech iwwer dat schéint Waasser dat  matzen duerch d'Stad fléisst.



Op eemol gëtt d'Anna awer méi eescht. Hatt kuckt op d'Welle vun der Baach a seet zum Luka: "Weess du wéi wichteg d'Waasser fir eise Kierper ass? De Kierper vum Mënsch besteet zu 70% aus Waasser."



"E Mënsch ka bis 20 Deeg laang liewen, ouni eppes z'iessen, awer nëmmen 3 Deeg ouni Waasser. Mir sinn eis guer net bewosst, wéi wichteg d'Waasser fir all d'Liewewiesen ass."





“Ouni z’iwwerleeën, kéiere mir d’Ofwaasser vun de Stéit an den Industrien direkt an eis Baachen, Flëss oder Séien. Doduerch bréngen mir all déi Organismen, déi am Waasser liewen a Gefor: d’Kriibsen, d’Fësch, d’Waasserplanzen an donieft och nach déi Liewewiesen, déi ofhängeg vum Waasser sinn, awer net dra liewen.”



“Och fir d’Fräschen, déi um Bord vum Waasser liewen, ass dat knaschtegt Waasser net gesond.”



"An dobäi kéint alles anescht sinn, wa mir d'Waasser, dat mir benotzen, propper maache géifen, ier mir et erëm zréck an d'Gewässer kéieren. Op des Manéier géife mir d'Uewerflächewaasser an och d'Grondwaasser fir déi nächst Generatiounen erhalen. Well d'Waasser ass eng vun de wichtegste Ressourcen op eisem Planéit."



De Luka huet dem Anna interesséiert nogelauschtert. Awer op eemol rutscht hien aus an wier bal gefall. Glécklecherweis reagéiert d'Anna schnell a kann de Luka opfänken.

De Luka dréint sech em fir ze kucken, op wat hien do ausgerutscht ass - hie gesäit eng Plastiksfläsch déi iwwer de Wee rullt.









“Ech ka net verstoen firwat een Plastiksoffall op e Wee geheit, op deem Leit spadséieren. Et kéint jo een driwwer falen an sech wéi dinn”, iergert de Luka sech.

“Weess deen iwwerhaapt, datt et méi wéi 100 Joer dauert bis de Plastik sech an der Natur zersetzt ?!”



“De Plastik ka recycelt ginn an esou kann erëm eppes Neies doraus gemaach ginn. Dat ass iwwerhaapt net schwéier. Et muss een de Plastik just op där Platz entsuergen, déi dofir geduecht ass, an engem Container oder an enger Recyclingtonn. Ech maachen dat ëmmer. Et ass guer net schwéier, den Offall ze sortéieren an en dann an de richtege Container fir Pabeier, Metall, Plastik oder Glas ze geheien. Ech fille mech gutt wann ech dat maachen. Ech weess, datt ech eppes Guddes a Nëtzleches fir mech an d’Ëmwelt, an där ech liewen, gemaach hunn.”









“Op des Manéier kéinte mir de Klimawandel bremsen. Déi extrem Dréchenten an Iwwerschwemmungen sinn duerch d’Mënsche verschëllt. D’Klima verännert sech lues a lues an dat kann zum Ausstierwen vu verschiddene Planzen -an Déierenaarte féieren,” erkläert de Luka.

“Anna, mir verbrauchen ze vill vun eise natierleche Ressourcen, dem Waasser, den Äerzer, dem Sand, dem Kräsi, de Bëscher … Mir hu just ee Planéit an am Moment liewe mir, wéi wa mir der zwee hätten. Mir liewen zënter laangem op Kredit a mir verschwenden d’Ressourcen vun de Generatioune, déi no eis kommen. Wéi eng Zukunft hannerloosse mir eise Kanner, wa mir hiert eenzegt Doheem zerstéieren ?”





Wärend si schwätzen, fänkt et u mat reenen. D'Anna an de Luka lafen an de Park a stellen sech do ënnert e Bam.




D’Anna seet zum Luka: “Ech hunn d’Natur immens gär, awer ech hunn och meng Stad gär. An der Natur gefale mir d’Beem, d’Gras, all Gréngs.  An der Stad hunn ech meng Schoul gär, meng Frënn, Vëlofueren, mam Ball spillen … Ech wënsche mir, ech kéint d’Natur an d’Stad matenee verbannen zu esou eppes wéi enger natierlecher Stad.”



De Luka äntwert: “Hautzedaags ass dat well méiglech a mol guer net esou schwéier. Wa mir eis all ustrengen, da kënne mir an enger grénger Stad liewen. Weess du, datt d’Maueren an d’Diecher och kënne gréng ginn? Stell dir vir deng léifste Planz, zum Beispill séisst, rout Äerdbier, géif iwwert dir un enger Mauer oder op engem Dach wuessen. Wier dat net wonnerbar?”







“Dat kléngt fantastesch,” rifft d’Anna begeeschtert. “Ech géif Margréidercher planzen, déi hunn ech am léifsten. Fir meng Mamm géif ech Kraider planzen, déi gutt richen, Oregano oder Basilikum. Si benotzt déi oft beim Kachen. Dat wier immens!”



“Mir kéinten eis léifste Planzen ziichten, wärend déi gréng Maueren an Diecher eis och nach virun Temperaturschwankungen schützen. Eist Haus wier am Wanter méi waarm an am Summer méi kill. Esou spuere mir Energie an mir bremsen de Klimawandel.”



Et hält op mat reenen an d'Anna an de Luka spadséiere weider duerch de Park. Si gesinn e puer Frënn aus hirer Schoul, déi op enger Bänk sëtzen an Uebst iessen.



D’Anna erzielt hinnen: “Wësst dir, datt een Drëttel vun allen Iesswueren, déi an der Welt hiergestallt ginn, ewechgeheit ginn? Stellt iech fir, mir géifen all dat Iessen, dat ze vill produzéiert gouf, un déi aarm Leit verschenken oder et fir aner Zwecker benotzen.
Är Bananneschuel oder ären Äppelbatz kann een als Iessen un d’Planze weiderginn. D’Natur gëtt eis z’iessen a mir ginn der Natur z’iessen.. E perfekte Kreeslaf ! An sech huet d’Natur fir alles eng Léisung. Et wier flott, wa mir all eis Frënn kéinten iwwerzeegen esou ze liewen. Fir dat awer z’erreechen, musse mir un eis selwer schaffen.”






De Luka äntwert: “Jo, ech wär gären Architekt a géif mäin eegent gréngt Gebai bauen.”
D’Anna mengt: “Dat ass eng gutt Iddi. Mäi Wonsch ass et Biologin ze ginn an d’Natur z’ënnersichen.”
De Pitt seet: “Ech wëll Ingenieur ginn a Kläranlage bauen.”
D’Mia lauschtert de Frënn interesséiert no a seet dunn: “An ech ginn Ekonomistin, fir datt ech iech all hëllefe kann zesummen eng zirkulär Stad ze bauen.”








# WAT NATURFRËNN MAACHE KËNNEN:

- Léier eppes iwwer zirkulär Stied andeems du dëse Video kucks: https://www.youtube.com/watch?v=R3NXLb-W1pg
- Niewent dem Oregano an dem Basilikum gëtt et nach aner Kraider. Fann eraus wéi eng et sinn a sich no hinnen an denger Noperschaft!
- Planz e Bam an denger Gemeng, këmmer dech em en a looss e mat dir zesumme wuessen!
- Trenn däin Offall a gehei en an de richtege Container, fir datt e ka recycléiert ginn! Versich all Dag eppes Nëtzleches fir d'Ëmwelt ze maachen!
- Spuer Waasser! Wanns du de Krunn net zoudréins, wärends du deng Zänn botz, da verbëtz du an e puer Minutten eng 11 Liter proppert Waasser. Pass dofir op, dass du de Krunn ëmmer zoudréins wanns du deng Zänn botz!
- Spuer Elektresch! Maach d'Luuchten an och d'elektresch Apparater aus, wanns du fort gees oder se net méi brauchs!
- Interesséier dech fir Ëmweltthemen a plang zesumme mat denge Frënn Liesungen fir deng kleng Noperen. Dëst Kannerbuch kann dir dobäi hëllefen!
- Versich esouvill Zäit wéi méiglech an der Natur ze verbréngen. Free dech a laach!



# FIR DÉI KLENG DETEKTIVEN: SICH 5 ËNNERSCHEEDER!









# MOL DENG ZIRKULÄR STAD!

